# *Als Lëtzebuerger Meedchen am „Arbeitsdienst"*

Den 10. November 1943 sin ech als Lëtzebuerger Meedchen, Joergank 1925, mat nach villen aneren an den „Arbeitsdienst" agezu gin. Eis Rees huet op der Gare zu Lëtzebuerg ugefaang, an de ganzen Zuch war voller Medercher, denen nët kloer war, wat op si duerkéim. Mir wossten zwar, wat dat Wuert „Arbeitsdienst" géng bedeiten, ma d'Realitéit hu mir eréischt op der Plaz selwer erlieft. Méng Rees huet mech mat nach sechs anere Lëtzebuerger Medercher bis op Zeulenroda gefouert. Dat läit ganz no bei Plauen am Kreis Greiz an Thüringen. Wéi mir den 11. November ëm 6 Auer owes ukomm sin, huet d'„Maidenoberführerin" vum Arbeitslager vun Zeulenroda eis mat „Heil Hitler!" empfaang a gesot: „Na, hier kommen die Luxemburger Freiwilligen!" Mir hun emol gelauschtert, a schons hun ech spontan geäntwert: „Nein, wir sind gezwungen hier!" Ech konnt nët vill Däitsch schwätzen, well ech a Lothringe gebuer sin an do bis zum Krich gelieft hun, mä dat Wuert „gezwungen" wosst ech gutt. D'Führerin huet näischt méi gesot; wat si geduecht huet, wosste mir nët.

Déi éischt 8 Deeg si mir „geschult" gin. Mir sin iwwert déi politesch Lag informéiert gin, ma dat huet guer nët iwwerenaner gestëmmt mat deem, wat mir vun heiheem wossten, an heemlech hu mir bal misste laachen, datt d'Preisen esou domm waren, fir dat ze glewen. Iwwerall si si vijhenzeg an hannerzeg an der Front gaangen, esou wéi si et gären héieren hun. Un der Front as alles fir si planméisseg verlaf.

Eisen Alldag huet esou ausgesin: ëm halwer sechs muerges as de Gong geschloe gin, an dann as alles zum Keller vum Arbeitslager eraus an engem liichten Turnkostüm gedriwwe gin. De Frühsport huet eng hallef Stonn gedauert, an duerno as alles an d'Dusch gaangen, fir d'éischt ënnert déi kal, dann ënnert déi waarm. De preiseschen Eed as astodéiert gin, dat war e ganzt Blat voll auswenneg ze léieren. Mir hu misse marschéieren ewéi d'Zaldoten. Lidder sin ageübt gin, fir op der Strooss ze sangen.

Dat Ganzt huet eng Woch gedauert. No där Woch si mir veredegt gin. Mir hun eng Spéngel kritt, an esou ware mir „würdeg" fir an den Aussendéngscht. Et héiert sech alles un, ewéi wann dat guer nët schlëmm gewiescht wir, ma d'Medercher waren deemools ganz vill Geforen ausgesat. Den éischte Mount sin ech op Langenwolschendorf an de Schleizerhof schaffe gaang. Dat loug 3 km vun Zeulenroda ewech, an ech, als 17jähregt Meedchen, hun am Schnéi de Wee ugetratt. Wéi ech dat grousst Gebai gesin hun, sin ech mat gemëschte Gefiller eragaang. Ech hu mech virgestallt, ech wir d'Arbeitsmaid Maria Braun, well José hannendrun huet missten ewechfalen: dat huet zevill franséisch geklong. D'Oma (esou gouf d'Fra aus dem Haus genannt) huet mech empfaang, a wéi si héieren huet, datt ech en